piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/12/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kultur weiderzeleeden.**

D'Plattform "Luxembourg under Destruction" huet an engem Post vum 13ten Dezember drop opmierksam gemaach, dass d'Schlass zu Weimerech zu Jonglënster wäert ofgerappt ginn.

D'Gebai gouf viru Joren vun der Gemeng kaf an tëschenzäitlech vun der Natur-a Fortsverwaltung (ANF) fir ee symboleschen Euro gelount, mat der Iddi vun enger Ëmnotzung am Kontext vum Naturschutz, déi awer aus Käschtegrënn net ëmgesat gouf.

Et stellt ee sech d'Fro, firwat sech hei net Alternativen zum Ofrëss gesicht goufen. An Italien ginn z. B. Haiser fir e symboleschen Euro verkaaft, ënnert der Bedingung, datt d'Keefer sech verflichten, e festgeluechte Montant an d'Restauratioun z'investéieren. Am Ausland ginn historesch Gebaier am ëffentleche Besëtz och iwwert Concoursen un engagéiert Projetdréier weiderginn.

D'Commission des sites et monuments nationaux (COSIMO) huet a sengem Avis gemengt:
"*Dans son état d'origine, l'immeuble a surement été un objet rare et intéressant mais dans son état actuel il ne remplit pas de critères et ne présente aucune valeur patrimoniale qui pourraient justifier une protection nationale.*"

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat goufe vu säiten vun der Gemeng oder Staat am Fall vum Schlass Weimerich keng weider Ustrengungen iwwerholl, fir Deeler vum Gebai z'erhalen?

2. Ginn et Iwwerleeungen oder Ustrengungen beim Kulturministère, fir Modeller, esou wéi se a

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Frankräich oder Italien fir historesch Gebaier am ëffentleche Besëtz gemaach ginn, zu Lëtzebuerg unzewennen?

Falls jo, kann de Minister 3 Beispiller aus der Vergangenheet nennen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten